



N° 7656  
Entrée le 23.02.2023  
Chambre des Députés  
Déclarée recevable  
Président de la Chambre des Députés  
(s.) Fernand Etgen  
Luxembourg, le 23.02.2023

Fernand ETGEN  
President vun der  
Chamber vun den Deputéierten  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23/02/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesesch fir Interieur weiderzeleeden.**

An der Äntwert op d'Fro N°1800 iwwert d'Unerkennung vun der däitscher Formatioun vum Rettungssanitäter an de medezineschen Akten, déi Persoune mat dëser Ausbildung maachen dierfen, sot d'Ministesesch 2020:

Déi aktuell Gesetzgebung iwwer d'Gesondheetsberuffer zu Lëtzebuerg erlaabt de fréiwëllegen an haaptberuffleche Memberen vum CGDIS zu dësem Zäitpunkt net, Akten oder Techniken duerchzeféieren, déi duerch dës Gesetzer geregelt sinn.

Persoune mat enger Rettungsassistent/Noutfallsanitäter-Ausbildung dierfen zu Lëtzebuerg - anescht wéi an Däitschland - also och an engem Noutfall keng medezinesch Agrëffer maachen oder Medikamenter ginn. Allerdéngs geet aus der Äntwert och ervir, dass sech dat eventuell ännere kéint, well am Kontext vun der Etude « Etat des lieux des professions médicales et des professions de santé au Luxembourg » vun der Madamm Lair zesumme mam CGDIS gepréift géif ginn, ob Ännerunge vum Gesetz sënnvoll kéinte sinn.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesesch dës Froe stellen:

1. Wat koom bei den Analyse vun der genannter Etude an de Gespréicher mam CGDIS eraus?

Sinn Erweiderunge vun de Kompetenze vun de fréiwëllegen an haaptberuffleche Memberen vum CGDIS geplangt?

2. 2020 war dem Ministère net bekannt, wéi vill Persoune beim CGDIS eng Formatioun zum Rettungsassistent gemaach hunn. Ass méttlerweil gewosst, wéi vill Persounen dës Formatioun oder d'Ausbildung zum Noutfallsanitäter gemaach hunn?

Falls jo: Wéi vill Persounen hunn des Formatiounen (an absoluten Zuelen an a Prozent) gemaach?

Falls nee: Ass d'Ministesesch net der Meenung, dass des Zuele wichteg wieren, fir ze wëssen, wéi



[www.piraten.lu](http://www.piraten.lu)

vill Persoune bei enger Unerkennung vum Diplom an enger Upassung vum Gesetz direkt um Terrain déi nei Akten duerchféiere kéinten?

Mat déiwem Respekt,

---



CLEMENT Sven  
Deputéierten

